



N°230
Entrée le 24.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.01.2024

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/01/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.

Den LISER (Luxembourg Institute for Socio-Economic Research) ass virun enger Réi Jore vum Ministère de la Famille mat verschiddenen Etuden am Beräich Handicap bei 14 Gestionnairen am Beräich Accompagnement socio-pédagogique (Ateliers protégées,...) beoptraagt ginn.

Déi éischt Etude huet d'Gesetzgebung an d'Konventionen analyséiert. Déi zweet Etude waren Interviewe mat den Direktiounen vun deene Gestionnairen; bei der drëtter Etude, sinn iwwer 100 Residenten aus deene 14 Institutiounen iwwert hir Zefriddenheet mat de Services, déi si kréien, befragt ginn. Weider huet de LISER bei enger klenger Grupp vu Residenten gekuckt, wat fir eng Leeschtung si iwwert den Zäitraum vun enger „typescher“ Woch kréien.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Sinn dës Etüden ofgeschloss ginn? Wa jo, wat ass domat geschitt?
2. Gedenkt de Ministère dës Etüden öffentlich ze maachen an se am Parlament virzestellen?
3. Wat fir eng Schlussfolgerungen zitt de Ministère aus dësen Etüden?
4. Wat bedeit dës Etüd fir déi concernéiert Residenten an hier Familljen?
5. Huet dës Etüd een Impakt op de'Aarbecht vun de Gestionnairen vun deene Strukturen?

Mat déiwem Respekt,

POLIDORI Ben
Deputéierten



www.piraten.lu